



*décide de développer sa propre expertise et ses moyens de contrôle démocratique face aux nouvelles procédures financières et budgétaires déjà en place ou en train d'être mises en place par l'Union européenne et l'eurozone;*

*à cette fin entend participer à une coopération permanente et flexible entre les parlements nationaux, sans vouloir pour autant créer de nouvelles institutions;*

*en vue de la collaboration avec le Parlement européen telle que prévue par l'article 13 du TSCG, insiste sur le respect des compétences propres des parlements nationaux dans le domaine budgétaire et financier et invite le Parlement européen à en tenir compte dans ses propres démarches et initiatives.*

(s.) Ben Fayot, François Bausch, Norbert Hauptert, Jacques-Yves Henckes, Lydie Polfer.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Fayot. Mir fänken de Mëtteg u mam Projet de loi 6499, eng Ofännerung vum Code du Travail iwwert de Mindestloun. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Kaes a Bauler, d'Madame Loschetter an den Här Gibéryen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Lux. Här Lux, Dir hutt d'Wuert.

## 7. 6499 - Projet de loi modifiant l'article L.222-9 du Code du Travail

### Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

► **M. Lucien Lux** (LSAP), *rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt lech de Mëtteg de Rapport maache vun der Commission du Travail et de l'Emploi iwwert de Virschlag vun der Regierung, de Mindestloun um 1. Januar 2013 ëm 1,5% ze héijen. Déi Upassung vum Mindestloun, wéi iwwerhaapt d'Existenz vun engem Mindestloun, ass wuel eent vun deene wichtegsten a konkretsten Zeechen, fir ze weisen, wat fir ee sozialen, vläicht souguer Gesellschaftsmodell mer wëllen.

Ech mengen, et ass e staarkt Signal, virun allem och an dëse schwierege Krisenzäiten, ee solidaresche Modell ze ënnerstëtzen, deen op klore Regeln och am Beräich vun der Sozial- an Aarbechtsgesetzgebung baut, deen op sozial Mindeststandarde sech baut an deen net dem Dschungelgesetz nofollegt, wou et just drëms geet fir dee Stärkeren, sech duerchzesetzen, a wou et schwierig ass, fir an de Betriber - a mir erliewen dat jo an dëse Wochen a Méint besonnesch konkret an däitlech -, wou et an de Betriber schwéier gëtt, fir iwwer eng kontinuëerlech Lounpolitik och derfir ze suergen, dass d'Leit an de Genoss och komme vun deene Kafkraaftverloschter, déi se an der Vergaangenheet, an der rezenten Vergaangenheet erlidden hunn.

Ech hu gesot, et ass ee wichtegt Zeechen, e wichtegt Zeechen och, wann ee gesäit, dass et a ville Länner ronderëm eis kee Mindestloun gëtt. Ech mengen, dat markantste Beispill ass dat vun Däitschland, wou ee gesäit, a wat fir engem Mooss an deene leschte Joren och duerch de Fait, dass et keng Mindeststandarde gëtt, eng richtig Niddreg-Loun-Politik gemaach gëtt, déi derzou féiert, dass d'Leit wierklech fir en Apel an e Stéck Brout musse schaffen goen an dass virun allem de Prinzip deen ass, obschonn de Prinzip gëllt „tout travail mérite salaire“, dass et derzou féiert, dass d'Leit op d'Sozialpolitik, heiansdo kann een dat och nennen op en Almosen nach drop ugewise sinn, fir iwwerhaapt nach kënnen en dezent Liewen ze féieren.

Déi Upassung, déi mer haut maachen, geet zréck op déi allgemeng Lounentwécklung vun de Joren 2010 an 2011. An d'Regierung huet an hirem Vorschlag, dee se mécht, fir op 1,5% ze kommen, eng ganz Rei vu makroekonome-sche Resultater a Bilanen an Evaluéierungemaach, fir schlussendlech - hat ech d'Gefill, Här Minister -, schlussendlech awer eng politesch Décisioun ze huelen.

Munches an deenen Entwécklung weist drop hin, dass et eiser Ekonomie generell nach gutt geet: d'Entwécklung vum Emploi, och d'Entwécklung bei der Inflation, d'Entwécklung vun der Produktivitéit.

Et ass op där anerer Säit awer och esou, wéi mer d'lescht Woch scho bei der Budgetsdiskussion gesinn hunn, dass et och Parametere gëtt, déi net esou gutt ausgesinn, zum Beispill dee vun der Entwécklung vun de Wuestumszuelen, och hei zu Lëtzebuerg. An deementsprechend kënn aus enger Methodologie,

enger technescher Methodologie och eng politesch Décisioun eraus, well et jo hei keen Automatismus gëtt, eng politesch Décisioun, fir just an dësem Moment déi Upassung vum Mindestloun ze maachen.

Domadder, mat deenen 1,5% op den 1. Januar, steigt den net qualifizéierte Mindestloun vun 1.846,51 Euro ëm 1% (veuillez lire: 1,5%) op 1.874,19 Euro, an dee qualifizéierte Mindestloun op 2.249,03. A Stonnen ausgedréckt heescht dat, dass den net qualifizéierte Stonneloun bei 27,68 Euro da läit an dee qualifizéierte Stonneloun, deen 20% jo driwwer läit, bei 33,22 Euro d'Stonn à partir vum 1. Januar 2013 wäert leien.

Ech hu gesot, dat ass keen Automatismus, mä eng Décisioun fir d'Regierung - an ech mengen, dass et och heibannen de Konsens an der Chamber gëtt -, virun allem deenen op der niddregster Echelle vun de Léin iwwert dee Wee en Apport fir déi nächst zwee Joer ze ginn. Dat ass net en Deel vu Sozialpolitik. Dat ass och an der Emverdeelung, dat ass a sech e Louninstrument, en Deel vun der Lounpolitik. Ech mengen, d'Emverdeelung geschitt iwwert d'Steierpolitik, dat hu mer d'lescht Woch diskutéiert, geschitt iwwer Sozialtransferten am Familleberäich an an anere Beräicher. Ech mengen, hei ass et, wéi gesot, fir de Retard opzehuelen op déi Lounentwécklung, déi mer an deene leschten zwee Joer kannt hunn.

(Mme Lydie Polfer prend la présidence.)

Ech wëll och soen, dass et e wichtegt Element ass och vis-à-vis vun all deenen, déi a Secteure schaffen, wou et kee Kollektivvertrag gëtt. Ech mengen, och dat ass fir eis e ganz wichtegt Element. Ech kann lech net mat enger konkreter Zuel haut de Mëtteg optrompen, wéi vill Leit hei zu Lëtzebuerg e Kollektivvertrag hunn. Mä Tatsaach ass, an dat wësse mer, dass a ganz ville Secteuren, virun allem do, wou eng Majoritéit vu Frae schafft - dat ass am Commerce wouer, dat ass am Beräich vun der Horesca wouer, a vill esou Secteuren -, et leider Gottes, loosse mer et riicht eraus soen, et leider Gottes keng Kollektivvertrag gëtt.

An ech mengen, elo och an deene leschten Deeg, an deene leschte Wochen hu mer festgestallt, dass vill Entreprises am Moment hir Kollektivverträge kënnegen. Eenzeler souguer, déi no bausse soen, dass se dat maachen, fir op den Droit commun zréckzekommen, also op de Mindestloun als Basis fir Neiverhandlungen zréckzekommen, an deementsprechend weist dat och, dass fir all déi Leit do de Mindestloun wierklech dee Sockel ass, dee se iwwerhaapt drun hält, fir en uerdentleche Loun ze kréien, en uerdentleche Loun ze kréien, mat deem se och verstänneg kënnen liewen.

Ech mengen, dass et och, niewent der Tatsaach, dass aus deem Rapport vun der Regierung draus erausgeet, dass d'Kompetitivitéit, déi aktuell Kompetitivitéit vun eisen Entreprises oui Problem et ausmécht, fir kënnen dee Mindestloun ze héijen, dass dat och an dësen Zäiten wichteg ass, wou mer jo, wéi erëm d'lescht Woch laang diskutéiert, drop eraus sinn, fir engersäits derfir ze suergen, dass d'Kompetitivitéit vun den Entreprises erhale bleift, mä op där anerer Säit och d'Kafkraaft, Impulser awer och gesat ginn, fir derfir ze suergen, dass Wuestum méiglech ass, net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä iwwerhaapt an de Länner vun der Europäescher Unioun. An ech mengen, d'Kafkraaft ze erhalen a Wuestumsimpulser ze setzen, dat ass och méiglech iwwert déi Décisioun, déi mer haut huelen.

Ech hunn d'lescht Woch schonn hei op dëser Plaz gesot, dass am Moment 52.074 Leit fir de Mindestloun schaffen ginn; dat si bal 16% vun de Salariéen hei zu Lëtzebuerg. Wann een dat och an der Tendenz kuckt, da gesäit een, dass dat 2008, fënnf Joer zréck also, nach nëmme 34.139 Leit waren, also 11,2%. Dat weist an enger ganz kuerzer Zäit, a wat fir engem Mooss d'Zuel vun de Mindestlounbeziéier an d'Luucht gaangen ass.

Et gëtt och e bëssen en Ausbléck iwwert dat, wat an den Entreprisë konkret amgaangen ass, säit de Jore vun der Kris och ze geschéien, nämlech dass et effektiv eng ganz defensiv Haltung gëtt vis-à-vis vun de Léin, dass ganz oft einfach agefallt gëtt um Mindestloun, dass et, wéi gesot, doriwwer eraus, och an de Kollektivvertrag keng ganz grouss Entwécklung gëtt. Dat gesäit een och, wann een déi allgemeng Lounentwécklung hei zu Lëtzebuerg kuckt.

25.411 Mindestlounbeziéier si Fraen, dat si bal 20% vun alle Fraen, déi schaffen ginn. Ech mengen, dat weist, wat ech virdru gesot hunn, dass den Taux bei de Fraen héich ass, weist och déi Secteuren, déi dat ausmécht. Doriwwer eraus stellt sech an deem Zesammenhang bei de Léin jo nach wéi vor déi Problematik, déi mer schonn öfters diskutéiert hunn, nach viru Kuerzem an enger Heure d'actualité, d'Problematik vun der Égalité de traitement tëschent de Fraen an de Männer och zu Lëtzebuerg, mat

Prozenter, déi iwwer 10% Écart leien, dee ganz héich bleift.

De Restauratiouns- an den Hébergementssecteur sinn do bei de Fraen deen, wou am meeschte fir de Mindestloun geschafft gëtt, an zwar 62%. Grouss Zuele vu Mindestlounbeziéier haaptsächlech dann och am Beräich vum Commerce, vun 31%. 26.663 Männer, dat sinn 13,4% vun alle Männer, déi Salariéë sinn, schaffen fir de Mindestloun.

Déi gréisst Proportioun vu Mindestlounbeziéier, an zwar 45%, fënn eem am Beräich vun der Landwirtschaft, dem Wäibau, der Forstwirtschaft, an déi gréissten Zuel vu Männer, déi fir de Mindestloun schaffen, och an engem Beräich wéi dem Commerce, an der Réparation automobile, an de Garagen also, wou dat 23% ausmécht.

Dann ass et natierlech net vu Muttwëll, och e Bléck ze geheien am Vergläich zu den anere Memberstaten, fir ze soen nach eng kéier, dass 20 vu 27 Memberstaten an der EU e gesetzlech festgeluechte Mindestloun hunn. Dir hutt de Chiffer héieren, bei deem mir haut leien. Ech ginn lech e puer aner Chifferen.

Frankräich huet e Mindestloun vun 1.425 Euro, dee jo, mengen ech, den 1. Juli vun dësem Joer ëm 2% ugepasst ginn ass an dann elo nach eng kéier soll augmentéiert ginn, wéi mer dat geschéier héieren hunn, ëm 0,3% soll ugepasst ginn.

Holland läit bei 1.469,40 Euro. Hei goufen et och zwou Upassungen an deene leschte Méint, eng Upassung vun 0,9% hunn ech am Kapp an eng vun 0,6%. Op jidde Fall, zesummege-rechent waren dat och 1,5%, praktesch identesch mat deem Zousaz, dee mir haut wäerten decidéieren.

Belgien läit bei 1.443 Euro. An dann, wann een natierlech dann erofgeet, a Spuenien bei 748 Euro, Portugal 565 Euro. A fir och dat ze soen, a Bulgarien gëtt et e Mindestloun vun 138 Euro. Dat sinn natierlech Vergläicher mat eisem, déi schwierig ze maache sinn.

Elo gëtt natierlech allgemeng ëmmer gesot, dass de Mindestloun zu Lëtzebuerg héich ass. Dat ass am Verglach zu deenen doten Tauxen, déi ech lech genannt hunn, och richtig. Tatsaach ass awer och déi, dass, wann een zu Lëtzebuerg eenzel Präisser kuckt, fir déi d'Leit lieue mussen, wann een den Ennerscheid och kuckt tëschent dem Seuil vun der Pauvretéit par rapport zu deem, wat mer hei maachen, dann ass dat net esou wäit ausereneen.

Zum Ennerscheid zu dem Seuil de pauvreté, dee bei 19.400 Euro op d'Joer gerechent ginn ass, läit zu Lëtzebuerg dann de Mindestloun bei 20.400 Euro. Dat ass also kee ganz groussen Écart zu deem, wat aner Leit rechnen, wat e Seuil de pauvreté ausmécht. An do brauch net vill ze geschéien, an enger Famill brauch net vill ze geschéien, am Liewe vun deene Leit, déi fir de Mindestloun schaffen, fir dass se ganz schnell an Prekaritéit an an d'Aarmut ofrëtschen.

Wann een eleng, am Verglach zu eisem Mindestloun vu ronn 1.800 Euro, wann een eleng d'Präisser kuckt - ech hu mer déi nach eng kéier ugekuckt - vun de Wunnkäschen zu Lëtzebuerg, drëtt Trimester 2012, d'Zuele vum Observatoire de l'habitat. Do huelen ech net déi vum Akaf vun den Haiser, déi ee ka maache bei 588.000 Euro fir en Haus vun 170 m<sup>2</sup>, mä ech gi virun allem bei d'Loyere kucken, well ech mengen, dass oft déi Leit, déi um Mindestloun schaffen, och éischer déi sinn, déi fir Loyer wunne ginn.

Do gesäit een, dass dat e Loyer fir 190 m<sup>2</sup> vun 2.247 Euro ass. Awer och Wunnenge vu 70 m<sup>2</sup> leie bei 1.147 Euro. Wann een déi also hält par rapport zu engem Mindestloun vun 1.800 an eppes Euro, da gesäit een - an dat sinn net d'Präisser aus der Stad, mä dat si d'generell Präisser, d'Moyennen aus dem Land -, da gesäit een, an ech mengen, dat gëtt jo och an einzelnen Etüden, déi gemaach gi sinn, nogewisen, dass de gréissten Deel vun deem Loun do fir Wunnkäschen dropgeet.

Bei engem Ménage monoparental mat zwee Kanner gëtt gerechent, dass een Drëttel vum Akommes vun deene Leit, also hire Loun plus d'Kannergeld an aner Allocatiounen, déi se kréien, dass een Drëttel dofir eleng fir d'Wunnen dropgeet. An ech mengen och, wann een dee Begrëff vun den „working poor“ hält, dann ass dat eng Entwécklung, déi och zu Lëtzebuerg engem Suerge mécht.

Wann ee gesäit, dass den Taux de pauvreté vun deene Leit, déi enger Aarbecht noginn, déi also net vum RMG oder vun aneren Aiden iwwerhaapt liewen, mä enger Aarbecht noginn, dass dee bei 10,6% läit, ech mengen, do läit extrem vill soziale Misär dran! Et läit och soziale Sprengstoff dran, a fir eis, mengen ech, och an deenen Décisiounen, déi mer an deenen nächste Wochen a Méint ze huelen hunn, wat

iwwerhaapt d'Sozialtransferten ubelaangt, wat d'Steierpolitik ubelaangt, derfir ze suergen, hei ganz gutt opzepassen, wat mer maachen, fir dass déi Leit do, déi schaffen ginn, déi 40 Stonne schaffen ginn...

An ech mengen nach ëmmer, dass mer heibanne wuel alleguer dach denken, wann ee schaffen geet fir 40 Stonnen d'Woch, dass een da mat deem Loun, deen ee kritt, och e Recht soll hunn, fir mat deem Loun kënnen uerdentlech ze liewen, Kanner ze erzéien, en dezent Liewen ze féieren. Ech mengen, dat ass jiddefalls déi sozial Zilsetzung, déi mer eisem Modell hei wëlle ginn.

Déi Upassung vum Mindestloun huet natierlech e Präis, dee fir d'Lëtzebuurger Economie bei 23 Milliounen Euro läit. Fir de Fonds pour l'Emploi, e Chiffer, deen am Exposé des motifs nach eng kéier gewise ginn ass, läit e bei 1,1 Milliounen Euro.

Wann een e kuerze Bléck werft op d'Avisé vun de Chambres professionnelles, dann huet d'Chambre des Salariés déi Upassung vum Mindestloun hei begréisst. Si fuerdert awer zugläich och d'Upassung vum RMG, déi hei net virgesinn ass. An ech mengen, dozou wäerte mer sécherlech Erklärungen herno kréien, fir dat dës kéier net ze maachen.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics begréisst déi Upassung vum Mindestloun, weist awer op där anerer Säit drop hin, dass den Décalage tëschent Mindestloun a Mindestakommes muss bestoe bleiwen. Mä ech mengen, mir huelen hei keng Augmentatioun vun den Tauxe vum RMG mat vir, esou dass eng Diskussioun, déi mer scho virun zwee Joer hei an dësem Kader gefouert hunn, ëmmer erëm opkënn, mat deene politeschen Äntwer-ten, déi eng kéier esou sinn an eng kéier anescht, an dësem Fall, wéi gesot, haaptsächlech déi, fir d'Augmentatioun vun 1,5 ze maache bei deene Leit, déi schaffen ginn.

D'Avisé vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce se suivent et se ressemblent. Esou laang wéi ech hei an der Chamber - säit '89 - Orateur oder Rapporteur bei dem Mindestloun war, hunn déi zwou Kammeren ëmmer sech géint eng Augmentatioun vum Mindestloun ausgeschwat.

► **Une voix.**- Lëtzebuerg ass awer nach net ennergaangen!

► **M. Lucien Lux** (LSAP), *rapporteur.*- Dat wollt ech esou ongeféier mat anere Wieder soen, mat feine Wieder vun engem Rapporteur, feine Wieder fir ze soen, dass trotz der Prosa, déi ëmmer méi martialesch gëtt, fir déi Mindestlounerhéijung do ofzelehnen, et der Lëtzebuurger Economie och an deene leschten 20, 25 Joer net schlecht gaangen ass. Dat weist déi héich Zuel vun Aarbechtsplazen, déi an där Zäit an enger Economie, déi also scho muss tant soit peu kompetitiv sinn, geschafte gi sinn. An ech mengen, dat wäert och dës kéier de Fall sinn.

Mir hunn an zwou Réuniounen an eiser Kommissioun déi Mindestlounerhéijung eis ugekuckt, an ech hat d'Gefill gehat, ausser dat wär de Mëtteg anescht, mä an der Kommissioun, dass et e breede Konsens gëtt. An dat huet näischt mat Chrëschtagsstëmmung ze dinn, well ech mengen, a mengen Aen ass dat e Recht, dass een dee Kafkraaftverloscht vun der Lounentwécklung vun '10 an '11 weidergëtt un déi Leit do, déi et am néidegste brauchen.

Dofir géif ech lech bieden, mat engem unanime Vote dat kloert Zeeche fir dee Modell do och hei ze setzen de Mëtteg.

Merci fir d'Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Ech soen dem Här Lux Merci. An ech géif dann als éischtem Riedner vun de Mëtteg dem honorabelen Här Kaes d'Wuert ginn.

(Interruptions)

Den honorabelen Här Kaes.

**Discussion générale**

► **M. Ali Kaes** (CSV).- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, bal all zwee Joer diskutéiere mer hei an der Chamber iwwer eng Upassung vum soziale Mindestloun. Dës Upassung ass immens wichteg fir d'Mindestlounbeziéier a si bedréit, esou wéi de Rapporteur dat gesot huet, 1,5%. A si wäert och hei unanime gestëmmt ginn.

Ech wëll direkt dem Rapporteur, dem honorabelen Här Lucien Lux, e ganz grouse Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëfteleche Rapport. Vum menger Säit gëtt et och net vill méi iwwert d'Detailler vum Mindestloun ze soen. Den Här Lux war do ganz komplett. Ech wëll just nach eng kéier prezisiéieren, datt den onqualifizéierte Mindestloun pro Stonn 10,83 ass an de qualifizéierte Mindestloun 13 Euro d'Stonn ass.





Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech erlabe mer awer kuerz, nach eemol op d'Grondsätz vum Mindestloun an op seng Upassung un d'Lountentwécklung zrëckzekommen. De soziale Mindestloun ass agefouert ginn, fir datt all Bierger, deen an engem Aarbechtsverhältnis steet, fir seng Aarbecht e gerechte Loun kritt, mat deem e säi Liewensënnerhalt finanzéiere kann. Net all Land huet de Mindestloun. Dat heescht, net all Land huet eng gesetzlech ënnescht Grenz, déi dem Schaffenden eng finanziell Ofsécherung garantéiert. Op EU-Niveau sinn awer ëmmerhin 20 vu 27 Memberlänner, déi eng Mindestlounpolitik hunn. Dëst séichert Akommes dréit awer wesentlech och zur sozialer Kohäsion an de Länner bäi an awer och zur sozialer Kohäsion an eisem Land.

Et gëtt ëmmer erëm behaupt, an de Rapporteur huet dat och scho gesot, de Mindestloun hei zu Lëtzebuerg wier am Verglach zu anere Länner, déi e Mindestloun hunn, héich. Kuckt een awer d'Käschten, fir hei am Land ze liewen, dann ass d'Héicht vum Mindestloun méi wéi gerechtfertegt, an och eng regelméisseg Upassung ass méi wéi noutwendeg. Wann een zum Beispill d'Statistike vum Stater kuckt, da geet souguer den Nettoloun zënter 2011 zrëck, an domadder och natierlech d'Kafkraaft. A besonnesch fir dës Leit ass dat ganz problematesch.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi den Här Lux et och scho gesot huet, sinn hei am Land méi wéi 52.000 Salariéen, déi de Mindestloun bezéien. Dat heescht, am Privatsektor si 15,7% vun de Salariéen um Mindestloun. Bei de Fraen ass den Undeel nach méi héich: ronn 20% Fraen um privaten Aarbechtsmaart si Mindestlounempfänger. Dat heescht an anere Wieder a sech: Eng Fra vu fënnf schafft fir de Mindestloun. Bei de Manner ass d'Situatioun net gradesou héich, mä do ass et ee Mann vu siwen.

All dës Leit sinn awer e wichtege Pilier vun eiser Ekonomie. Si droen entscheidend derzou bäi, datt eist Land ekonomesch funktionéiert. An duerfir, mengen ech, hu si och d'Recht op eng regelméisseg Upassung, op e korrekte Loun, dat heescht op e Salaire, deen e würdeg Liewen erméiglecht.

Wann also 52.000 Leit um Mindestloun schaffen, da beweist dat awer och, datt d'Patrone vun deenen 52.000 net bereet sinn, méi ze bezuele wéi dat, zu deem se duerch d'Gesetz a sech obligéiert sinn. Géif et also kee Mindestloun ginn, da wier dach awer de Risiko vum sozialen Dumping hei zu Lëtzebuerg enorm grouss. Mir gesi jo - an och dat ass scho gesot ginn - bei eisen Nopere, déi kee Mindestloun hunn, op wat fir e mënschenonwürdegen Niveau d'Salaren da kënne falen.

Iwwregens erhéien eis franséisch Nopere jo dann elo nach eng Kéier fir den 1. Januar hire SMIC. An och dat beweist jo, datt also déiselwecht Politik och an eisen Nopeschlänner, an deenen, déi eben e Mindestloun hunn, datt do awer och eng regelméisseg Upassung vun deem Mindestloun geschitt.

Ech wëll och drun erënneren, datt ons Matbierger, déi fir e Mindestloun schaffen ginn, hir Sue virun allem fir den alldeeglechen Ënnerhalt ausginn. Dës Sue flësse virun allem an eis Ekonomie oder kommen zu engem ganz groussen Deel eiser Ekonomie zegutt.

D'Mindestlounempfänger gi sécherlech net e groussen Deel vun hirem Akommes fir Vakanz an Ausland aus. Eng Mindestlounerhéijung kéint also, wéi ech et scho gesot hunn, och direkt an eis Ekonomie zrëck, och wa se, esou wéi de Rapporteur dat hei preziséiert huet, d'Ekonomie eng Staang Geld kascht.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, wichteg ass et awer och ze soen, datt d'Mindestlounupassung bal ausschliesslech fir Leit ass, déi net ënner Kollektivvertrag falen. D'Upassung, déi mer hei duerch d'Gesetz virhuelen, ass also déi eenzeg Méiglechkeet, datt dës Leit e regelméissegem Ajustement un d'Entwécklung vun de Léin a vun de Gehälter kréien.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi et am Rapport steet, mécht d'Mindestlounupassung fir de betraffene Salarié ronn 28 Euro fir den onqualifizierten a ronn 33 Euro fir de qualifizéierte pro Mount aus. Op d'Joer gekuckt, ass dëst eng Bruttoakommesverbesserung vun 335 Euro fir den onqualifizierten a ronn 400 Euro, brutto natierlech, fir de qualifizéierte Mindestlounempfänger. Setzt een dës bescheiden Erhéijungen an d'Relatioun zu deenen ëmmer méi deiere Chargen hei zu Lëtzebuerg, da sinn dës Leit ganz sécher net mat Zoossiss ugestréckt. Et geet bestëmmt net duer, fir sech e schéint Liewen op der Côte d'Azur ze maachen.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ofschléissend wëll ech soen, datt d'Upassung vum Mindestloun eng wichteg sozial Komponent ass, déi derzou bäidréit, datt d'sozial Kohäsion an de soziale Fridden hei zu Lëtzebuerg gefördert ginn an datt mer verhen-

neren, datt d'Leit, déi all Dag hir Fra an hire Mann stellen, an d'Prekaritéit ofrëschen.

D'CSV steet zu enger sozialer Politik an domadder och zur Upassung vum soziale Mindestloun. Ech ginn duerfir den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem virleiende Gesetzesprojet a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Ech soen dem Här Kaes och Merci. Ech géif als nächstem Riedner dem honorabelen Här Bauler d'Wuert ginn.

► **M. André Bauler (DP).**- Madame Presidentin, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, et sinn op den Dag genoe véier Joer hier, den 18. Dezember 2008, do stoung op dëser Plaz mäi Kolleg, den Dokter Alexandre Krieps, deen zum selwechten Thema Positioun fir meng Fraktioun bezunn huet.

Och deemools koum et, um Ufank vun der Kris, zu enger Upassung vum Mindestloun. Grad wéi deemools ass d'Upassung virgeholl ginn, fir deene Leit ënnert d'Aerm ze gräifen, deenen et finanziell net esou gutt geet. Et si Leit, déi all Dag moies opstinn, fir schaffen ze goen, eng Schaff, déi a ville Fäll net ëmmer déi lichtst ass a fir déi se ënner Ëmstänn e wäite Wee op sech huelen.

Si ginn awer op eng Schaff, op där se net - an et ass schonns d'ënescht ugeklongen - vun engem Kollektivvertrag profitéieren, deen hinnen en dezenten Loun géif erlaben. Si kréie kee Kollektivvertraglech verankerte Loun. Si kréien de gesetzleche Mindestloun, deen net wesentlech méi héich ass wéi den RMG.

Den Dokter Krieps sot deemools ganz treffend: „D'Adaptatioun vum SMIC, dat ass de Kollektivvertrag vun deene Leit, déi keen esou ee Vertrag hunn.“ De Mindestloun ass u sech e minimale Loun, mat deem mer déi Mënschen, déi op der ënneschter Leeder vun der Lounskala stinn a fir déi de soziale Lift net méi spillt, wëlle schützen a si esou bezuelen, dass si eenegermoossen dovunner iwwert d'Ronne kënne kommen. De Mindestloun soll si virum sozialen Dumping a méiglecher Willkür protegéieren.

De Mindestloun ass awer och en Thema, iwwert dat dacks gestriede gëtt. Et gëtt Patronen, déi behaupten, dass en ze héich wier an dass esou vill Onqualifizierter net a Brout an Aarbecht kéimen. De soziale Mindestloun wier aus hirer Siicht en Jobkiller.

Eng Etüd vun der Regierung aus dem November 2004 am Optrag vum Wirtschaftsministère iwwert den Impakt vum Mindestloun op d'Salaren an op d'Beschäftegung ass ënner anerem zu folgendem Resultat komm: «Par ailleurs, la réaction des firmes à cette hausse...», also déi vum Mindestloun, «...pourrait ne pas consister en des suppressions de postes de travail ou en des hausses de prix mais plutôt donner lieu à une série d'actions positives de leur part en vue de restaurer la compétitivité. Le salaire social minimum ne parviendra à améliorer durablement la situation des salariés à faible rémunération que dans la mesure où il arrivera à infléchir les comportements des firmes et des travailleurs dans un sens favorable à l'augmentation de la productivité, notamment en favorisant l'innovation technologique et la formation des salariés dans l'entreprise.»

Dat heescht, dass d'Erhéijung vum Mindestloun d'Situatioun vun de Salariéen nohalteg verbessert, wann d'Betriber zesumme mat hire Mat-aarbechter d'Produktivitéit via technesch Innovatioun oder via Formatioun verbessere kënnen.

Am Umkehrschluss heescht dat u sech, dass, wann d'Produktivitéit net eropgeet, dass dann d'Situatioun vun de Mindestlounempfänger sech net durablement verbessert. Am Géigendeel! Ass dat net esou, dann nämlech riskéiere mer, dass d'Betriber Aarbechtsplazen ofbauen oder net besetze bezéiungsweis keng nei schaffen.

Dat bestätegen d'Chambre de Commerce an d'Handwierskummer an hirem Avis, wa se soen, dass - ech zitieren: «De surcroît, toute hausse du salaire social minimum qui n'est pas accompagnée de gains de productivité suffisants détruit non seulement des emplois existants, mais empêche également la création de nouveaux postes.»

Dat gëtt och bestätegt duerch eng Ëmfro, déi mir als DP-Fraktioun am Oktober 2010 an Optrag ginn haten a bei den Entreprisë maache gelooss hunn. Si huet gewisen, dass d'Resultat vun automatesche Lounsteigerunge villfach dat ass, dass Aarbechtsplazen, déi onqualifizéierte Leit zegutt solle kommen, schliichend ofgebaut ginn.

Mir fuerderen dofir schonn zënter Joren eng fundamental Diskussioun iwwert déi automatesch Upassungsmechanismen. A wann een automatesch Upassung mécht, da mussen mer nei Facteure mat berücksichtegen, grad an

enger Zäit vun Negativwuesstum oder vu Stag-natioun vun der nationaler Wirtschaft.

Et ass awer gradesou richtig ze soen, dass eng Persoun, déi schafft geet, och soll vun där Aarbecht, déi si all Dag mécht, liewe kënnen. D'Demokratesch Partei steet zu dëser Fuerderung. De Mindestloun ass de Garant dofir. Mir müssen awer och beim Mindestloun emol déi aner Säit vum Liewe vun de Leit kucken, dat heescht, hir Dépensésait.

An et ass och elo ënescht gesot ginn: Op de Leit hirer Dépensésait stinn zum Beispill héich Wunnungspräisser an héich Energiepräisser. Vergiesse mer och net, dass d'Niddreglounverdénger am meeschten ënnert den Upassung vum administrative Präisser leiden. Denke mer nëmmen un d'Hausse vum Drénkwaasserpräis oder vu verschiddenen Taxen. A grad do muss d'Politik den Hiewel usetzen, wa si den Drock op d'Léin verréngere wëllt.

Madame Presidentin, de soziale Mindestloun ass fir eis e wichtege Deel vum soziale Lift. Wann dee Lift awer soll eropfueren, an dat wëlle mir, da muss och d'Ëmfeld stëmmen. D'Ekonomie muss dréien, an do mussen mir Facteure wéi d'Kompetitivitéit, d'Produktivitéit, d'Attraktivitéit vum Standuert an esou weider am A behalen. D'Leit mussen gutt forméiert sinn a gewëllt sinn, hir Chance um Aarbechtsmaart wouzerhuelen. An d'Leit müssen natierlech d'Méiglechkeet hunn, vun hirer Aarbecht en dezent Liewe féieren ze kënnen. Et ass an dësem Spannungsfeld, wou sech d'Diskussiounen ronderëm de Mindestloun bewegen.

Mir als DP wëllen um Mindestloun als Element vun der sozialer Gerechtegkeet festhalen a stëmmen dofir dës Projet de loi.

Mir wëllen awer och e feste Bléck drop halen, wat an dës Krisenzäiten déi automatesch Upassungen um Terrain bei den Entreprises a bei de Leit bewierke bezéiungsweis a wéi engem Mooss Aarbechtsplazen doduerch a Gefor bruecht ginn, direkt ofgebaut oder net méi besat gi bezéiungsweis wie wéini positiv a wéini negativ betraff ass.

Mir wëllen do dernieft, dass mer all déi Moosnamen op de Leescht huelen, déi derzou bäidroe sollen, onqualifizéiert Residenten op den éischten Aarbechtsmaart ze bréngen. Dës Moosname solle kritesch analyséiert ginn an op hir Wierksamkeet iwwerpréift ginn.

Am Kontext vun der Beschäftigungsdebat, déi mer hei am Joer wäerte féieren a wou de Roger Negri an ech selwer Corapporteur sinn, mussen mer dorobber zrëckkommen. Eréischt wa mer déi betraffe Leit esou forméiert a weidergebilt hunn, dass si fit fir den éischten Aarbechtsmaart kënne sinn, da wäert et och kee Problem sinn, dës Leit nees definitiv ugestallt ze kréien an hinne weinstens de qualifizéierte Mindestloun ausbezuelen.

Ech schléissen of, Madame Presidentin, andeems ech dem Rapporteur, dem honorabele Kolleg Lucien Lux, fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftlechen Bericht Merci soen, a ginn domadder, wéi schonn ugedeit virdrun, den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Ech soen dem Här Bauler och Merci, an ech géif dann als nächstem Riedner der honorabele Madame Viviane Loschetter d'Wuert ginn.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Merci, Madame Presidentin. Et ass bal schonn alles gesot ginn, dofir Merci dem Rapporteur fir säi Rapport. Do steet alles dran, do stinn och interessant Informatiounen dran, déi de loin ou de près eppes mam Mindestloun ze dinne hunn. Dofir wollt ech just ganz kuerz mech résuméieren, am Virfeld den Accord vun der grénger Fraktioun ginn zu dësem Projet, wou mer de Mindestloun ëm 1,5% hiewen.

De Mindestloun, de soziale Mindestloun zu Lëtzebuerg huet Geschicht, huet nach Tradition. Et ass en noutwendegt Instrument. Et ass awer och e Phenomeen, dee mëttlerweil gekoppelt ass un de soziale Mindestloun, nämlech deen - an et ass schonn hei gesot ginn - vun deene Leit, déi schaffen an awer um Risque de pauvreté sinn, heiansdo souguer drënner falen. Dat, wat ee communément nennt „the working poor“: Ech gi schaffen an awer kréien ech meng Enner net zesummen an awer hunn ech net genuch Suen, net fir Luxus, emol net, fir an d'Vakanz ze fueren, mä just, fir déi zwee Enner uneneenzebréngen, wéi een dat op Lëtzebuer-gesch seet.

16% vun de schaffende Leit, d'Fonction publique emol ausgeklammert, schaffen fir e Mindestloun, an dovunner, vun all deene Salaren, déi hei ausbezuelt ginn - an do hätt ee sech vläicht kënnen iren, vläicht war dat och virun 2008 esou -, 59% vun de Leit, déi e Mindestloun kréien, wunnen zu Lëtzebuerg. An 23% dovun, dat heescht e Véirels, wunnen am Kanton Lëtzebuerg, respektiv de Gros - ech mengen, dat ass jo dann och ze verstoen, vu datt d'Stad Lëtzebuerg jo elo hir honnertdau-send Leit huet -, de Gros wunnt an der Stad.

An dat erkläert och zum Deel - de Kanton Lëtzebuerg, d'Stad an hire Speckgürtel -, firwat datt vill Leit um Mindestloun, fir de Mindestloun schaffen, 40 Stonne schaffen an awer aarm sinn. Et ass schonn hei ugeklongen: Sécherlech spillen de Logement an d'Präisser vun enger Wunneng eng Roll. An dat sinn och déi Diskussiounen, denken ech, déi misste gefouert ginn, déi mer och hei misse féieren, net, ob mer de Mindestloun erhéien oder net; ech denken, dat ass eng Saach, déi gemaach gëtt.

Mä d'Diskussiounen, déi misse gefouert ginn, sinn déi vun deene Paien, déi wuel praktesch keng Steiere bezuelen, mä awer indirekt Steiere bezuelen. Wat sinn déi sozial Complémenten dozou? Wat sinn d'Transferts sociaux, déi noutwendeg sinn, fir een ze épauléieren, deen e Mindestloun kritt? A wéi solle mer déi agencéieren, fir datt och déi Leit déi Ënnerstützung kréien, déi se brauchen, fir datt déi Leit se vläicht méi kréie wéi anerer? Wéi eng Steuerpolitik brauche mer hei an dësem Land, fir deem Rechnung ze droen?

A véierte Punkt, dee wierklech an der Aktualitéit ass - ech wollt net laang, mä ganz kuerz dat awer ernimmen -, dat sinn déi Kollektivverträge, déi mëttlerweil een nom anere gekënnegt ginn, am private Secteur, wuelverstanen. An do muss ee wëssen, verschidde Leit schwätze vläicht vu Privilegien, mä aner Leit, a wa mer wëssen, datt 59% vun de Leit, déi e Mindestloun kréien, hei wunnen,... An dat ass och an deene Secteuren, wou et Kollektivverträge gëtt: Leit, déi um Mindestloun agestallt ginn an déi sech dann iwwert d'Ronnen u sech bréngen, well de Kollektivvertrag hinnen dat eent oder dat anert erlaabt huet, fir eben hir Pai opzeronnen.

An et muss een och wëssen, datt mir hei zu Lëtzebuerg och ukomm sinn op deem Punkt, datt, wann d'Kollektivverträge gekënnegt ginn, mir da keng Nullronn maachen, mä datt mir eng Minusronn maachen! An déi Éischt, déi net méi um Risque de pauvreté, mä vläicht dor-iwwer eraus wäerten ukommen, dat sinn déi Leit, déi an esou Kollektivverträge de Mindestloun kréien!

Ech denken, den Här Lux huet et virdru gesot. Hien huet et zwar positiv gedréit, wéi e gesot huet: „Kuckt emol hei, mir sinn zu Lëtzebuerg, mir hunn e soziale Mindestloun. Dat weist e bëssen de sozialen an de Gesellschaftsmodell, dee mir hei zu Lëtzebuerg wëlle virundreiwen.“ Jo, dat ass scho wuel richtig, awer déi Erausforderungen, déi ech elo genannt hunn, dat, wat mer eigentlech mussen ugoen, dat, wat sech hannert deenen eenzelne Leit verstoppt, déi de Mindestloun kréien, dat stellt awer och d'Fro: Wéi e soziale Modell, wéi e Gesellschaftsmodell wëlle mir hei zu Lëtzebuerg?

Wëlle mir hei e Gesellschaftsmodell, wou een e Mindestloun kritt, e gesetzlech virgeschriwwene Mindestloun kritt an awer am Risque de pauvreté ass, awer d'Enner net zesummekritt? Wëlle mir esou e Gesellschaftsmodell? A wann net, wat mussen mir dofir maachen?

Well ech soen Iech: Wa mer do ukomm sinn, datt mer e soziale Mindestloun hunn, wou et net méi duergeet, dat ass de Symptom vun eppes, wat hannendrustéicht. Dofir denken ech, datt mer doriwwer eraus och mussen iwwert de Rééquilibrage vun där Balance nodenken an och Aktiounen, oder loosse mer emol soe Politike virgesinn tëschen deenen engen, déi Kapital verwalten an déi ëmmer méi räich ginn, an deenen aneren, déi schaffen ginn a fir déi et net méi duergeet, mat hirer Pai kënnen uerdentlech ze liewen.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Ech soen der Madame Loschetter och Merci. An ech géif als nächstem Riedner dem Här Gibéryen d'Wuert ginn.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Madame Presidentin. Och vun eiser Säit aus e Merci un de Kolleg Lucien Lux fir säi Rapport.

Madame Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, déi lescht Méint, et kann





ee scho bal soe Joren, diskutéiere mer a streide mer och vill heibannen am Kader vun der Wirtschaft- a Finanzkris,...

► **Plusieurs voix.** - Mir net!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...wou mer kënne Sue spueren, wou mer kënne méi Suen erakréien, wou mer kënne kierzen. A wa mer eis och an all deene Punkten net ëmmer eens sinn an dat ganz kontradiktöresch diskutéieren, esou ass et dach awer flott feststellen, datt et parteipolitesch iwwergräifend e Konsens gëtt, datt mer net däerfe bei deene Schwaachsten hei am Land, beim soziale Mindestloun kierzen oder bremsen, mä datt mer regelméisseg all zwee Joer de soziale Mindestloun un d'Lounent- wecklung upassen.

Ech mengen, dat ass e positive Message. An et ass ëmsou méi positiv, well dat, wéi gesot, parteiwwergräifend quasi eestëmmeg all Joers, all zwee Joer hei am Parlament gestëmmt gëtt.

(**M. Laurent Mosar reprend la présidence.**)

Ech mengen, de Lucien Lux huet eis d'Zuele genannt, wéi rapid d'Mindestlounbezéier an d'Luucht gaange sinn an deene leschte Joren. Ech mengen, dat muss eis ze denke ginn iwwert d'Évolutioun hei am Land vun de Léin, datt mer ëmmer méi Leit fannen, déi sech um ënneschten Niveau, nämlech um soziale Mindestloun usiedelen, mat iwwer 52.000 oder 52.000 mat enger staarker Progressioun.

An duerfir, mengen ech, ass et grad wichteg, datt dës Leit iwwert de soziale Mindestloun eng Augmentatioun erfueren. D'Gewerkschaften hunn eis gesot, datt ongeféier just 50% vun de Salariéen am Privatsektor ënner e Kollektivvertrag falen. Dat heescht, all déi heite Leit si gréisstendeels déi Leit, déi ënner kee Kollektivvertrag falen, déi also net kënne iwwer Verhandlung vum engem Kollektivvertrag eppes bäigesat kréien. An duerfir ass et ëmsou méi wichteg fir déi Leit, datt se eng Upassung all zwee Joer kréie vum Mindestloun iwwert d'Gesetz.

A fir déi Leit ass et och genausou wichteg, an dat kann een och ëmmer, wann een iwwert den Index schwätzt, diskutéieren, datt déi Leit och den Index kréien. Wann déi Leit net iwwert d'Gesetz hei de Mindestloun gehéicht krite an den Index krite, da krite déi Leit gréisstendeels keng Augmentatiounen. Duerfir, wéi gesot, ass et wichteg, datt mer dat esou maachen.

Et ass natierlech kloer, datt d'Betriber, déi dat muss bezuelen, net frou doriwwer sinn. Awer ech géif mengen, datt et och e positiven Aspekt gëtt, an et ass och de Mëtteg hei schonn ugeklungen, datt all déi Leit, an dat sinn der ëmmerhin 52.000, a wa mer nach d'RMG-Bezéier géifen derbäihuelen, wat der och nach 20.000 sinn, dat sinn alles Leit, déi hiert Geld praktesch integral, géif ech soen, zu 100%, esou wäit wéi se hei zu Lëtzebuerg Resident sinn an och zum Deel och nach Frontalieren, déi hei schaffen, hiert Geld eiser nationaler Ekonomie zoukomme loosse.

Ech verstinn och dofir net ëmmer, datt grad zum Beispill d'Chambre de Commerce... Déi hat zwar virun dräi Joer eng Kéier an engem Jo-resrapport geschriwwen, datt Dank der Augmentatioun vum Mindestloun si och eng Augmentatioun vun hirem Émsaz erlieft huet, well dee Plus, deen hei déi global Ekonomie méi bezilt, dee konzentréiert sech gréisstendeels awer op de Commerce an d'Handwierk, déi déi Suen erëm op där anerer Säit erakréien.

Et muss een awer och bedenken, berücksich-tege vun de Betriber, wann ee verschidden Avisen zum Budget gelies huet, an ech hunn et och beim Budget hei gesot, datt se ënner engem Konkurrenzdruck vun de Betriber aus der Grenzregioun stinn, déi all Dag hei an d'Land era schaffe kommen, déi normalerweis missten eis Aarbechtsgesetzgebung respektéieren, déi eis Kollektivvertrag misste respektéieren, mä wou d'Kontroll awer et net erméig-lecht, fir dat esou ze kontrolléieren, wéi dat misst sinn, an datt domadder eng déloyal Konkurrenz zum Deel vu Grenzbetriber vis-à-vis vun eise Betriber am Handwierk besteet.

Mir wësse wuel, datt déi Däitsch an déi Franséisch... déi Belsch an déi Franséisch Mindest-léin hunn, mä Mindestléin, déi méi niddreg si wéi mir. A mir wëssen, datt an Däitschland kee Mindestloun besteet, esou datt also vun do aus kann en Drock op eis Betriber kommen. Duerfir kann een nëmmen un d'Regierung appelléieren, fir e Maximum vu Kontrollen ze maachen, fir ze garantéieren, datt all Betriber, déi hei an d'Land schaffen kommen, datt och alleguerten déi Betriber higinn an op där anerer Säit dann awer och eis Gesetzgebung an eis Kollektivvertrag hei am Land respektéieren.

Am Zusammenhang mat der Konkurrenz vun deenen anere Länner, vun deenen anere Betriber aus der Grenzregioun hei vis-à-vis vun de Lëtzeburger Betriber, wëll ech och nach eng Kéier drun erënneren, datt mir ëmmer als ADR dofir agetratt sinn, datt mer an Europa sozial Mindestnorme sollen aféieren. A wa mer an Europa et géife fäerdegbréngen, e soziale Mindestloun anzeféieren, dee wuel net an der Zomm deeselwechten ass, awer op der Basis, wou e berechent gëtt, deeselwechten ass, dann hätte mer e wesentleche Schrack gemaach.

Et ass normal, datt net Länner wéi Rumänien kënne e Mindestloun wéi Lëtzebuerg bezuelen. Mä wichteg wier, datt all Land e Mindestloun hätt. A wichteg wier, datt en op darselwechter Basis géif berechent ginn. Dat géif och villes hëllefen an et géif virun allem de Sozialdumping bremsen, deen a lounintensive Betriber an Europa besteet, wou mir hei zu Lëtzebuerg vill Problemer hunn, fir lounintensiv Betriber, fir Industrie hei op Lëtzebuerg ze kréien, a souguer Problemer hunn, fir se hei ze halen - déi Delokalisierung a Länner, wou eben déi niddreg Léin nach vill méi niddreg sinn. An duerfir hätte mer schonn an Europa, wann Europa sech wëllt méi e soziale Bléck ginn, hätte mer en Intérêt an Europa, sozial Mindeststandarden anzeféieren. An da géif dat och hei am Land d'Diskussioun ëm de Mindest-loun domadder méi licht maachen.

Dat gesot, Här President, si mir frou, datt mer wéi all zwee Joer och dës Joer erëm hei kënne hëllefen, de soziale Mindestloun unzepassen. An duerfir och vun eiser Säit aus d'Zoustë-mung.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Gibéryen. Als leschte Riedner ass den Här Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (Onofhängeg).- Merci, Här President. Ech wollt och dem Rapporteur Merci soe fir säi Bericht. An ech wëll ervirsträichen, datt doduerjer, datt de Mindest-loun elo ëm 1,5% an d'Luucht, eropgesat gëtt, bedeit dat 27,68 Euro méi fir den normale Mindestloun an 33,22 Euro méi fir de qualifi-zéierte Mindestloun. Déi Zousazkäschte fir den Employeur, ob dat elo eng Privatpersoun ass oder e Betrib ass, sinn natierlech importent. Mä wat ech bedauern, dat ass, datt deen, deen am meeschten dovunner profitéiert, dat ass de Stat an net de Salarié!

Ech wëll dorop hiweisen, datt vun deene 27,68 Euro beim Mindestloun, do kritt de Salar- ié nach 13,62 Euro ewech. A bei deenen 33,22 Euro, déi de Salarié elo brutto a sengem Gehalt bäikritt, huet en herno nach iwwreg 12,88 Euro. Dat ergëtt sech duerch déi nei Steuerlag, déi mer vum 1. Januar u wäerte kréien. Duerfir géif ech d'Regierung bidden,...

(**Interruption**)

...datt se all Mesuren hält, fir datt mer an Zu-kunft esou ähnlech Dépense kënne méi au pro- fit setze vun dem Salarié, zum Beispill duerch eng Ännerung bei de Steieren an duerch Steuer- kreditter, déi spezifesch op esou Mesurë kéin- ten deene mat den niddrege Gehälter am meeschten entgéintkommen.

Dat gesot, wëll ech och den Accord zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

(**Interruptions diverses**)

► **M. le Président.** - Merci dem Här Henckes. D'Wuert kritt elo den Här Aarbechtsminister Ni- colas Schmit.

► **M. Lucien Lux** (LSAP), *rapporteur*.- Den Här Urbany vun där sougenanntener Lénker in- teresséiert sech net fir de Mindestloun!

(**Interruptions diverses**)

Ech wollt dat just feststellen!

(**Interruptions diverses**)

► **M. le Président.** - Bon, Här Minister, wann ech gelift.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Ech maachen dat vun hei, Här President. Ech ka mech eigentlech drop begrenzen, fir emol allen Intervenante Merci ze soen, an fir déi Ënnerstützung, déi Unanimitéit, déi hei an der Chamber ronderëm déi Erhéijung vum Mindestloun besteet. Ech mengen, dat ass e positiv Zeechen an engem soziale Geescht, wat och wichteg ass fir d'Co- hésion sociale hei zu Lëtzebuerg an d'Solidari- téit besonnesch mat deenen, déi wierklech am äermsten dru sinn, och wa se en Job, och wa se eng Aarbecht hunn.

Ech huelen natierlech eng Rei Suggestiounen, besonnesch och déi lescht, wat d'Fiskalitéit ubelaangt, mat. Ech soen och ganz kloer, datt, wann een iwwert d'Héicht vum Mindestloun schwätzt, da muss een iwwer aner Parametere och schwätzen. Wat richteg ass: d'Loyer, do

läit eng vun onse gréisste Schwächen. Da muss mer och iwwert d'Transferts sociaux schwätzen.

An ech mengen, et muss een dat Ganzt analy- séieren - besonnesch an engem Land, wou trotz allem 9,9%, déi schaffen, als aarm ugesi ginn, wou ganz oft Leit sinn, déi net ganz schaffen, net 40 Stonne schaffen -, wou een déi ganz Thematik vun der Aarmut - an och vun deenen, déi schaffen, besonnesch - muss erëm nei opleeën an an enger globaler Analys ku- cken, an dat och am Kader vun de sozialen Transferten an enger aktiver Sozialpolitik.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Aar- bechtsminister. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6499 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi per- seïnlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 59 Jo-Stëm- men.

*Ont voté oui: Mmes Diane Aderm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lu- cien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes (par Mme Nancy Arendt), MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Marcel Oberweis), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wol- ter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges En- gel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Pol- fer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;*

*M. Jacques-Yves Henckes.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass dat esou decidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6373, eng weider Ofännerung vum Code du Travail. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Andrich, den Här Krieps an den Här Gibéryen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Roger Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

## 8. 6373 - Projet de loi portant modification du Titre III du Livre IV du Code du Travail

**Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi**

► **M. Roger Negri** (LSAP), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Geset- zestext, iwwert dee mer haut ofstëmmen, transposéiert d'Direktiv 2009/38 an d'natio- naalt Recht. Si gesäit vir, dass all Betriber, déi transnational, deemno a verschidde Member- state vun der Europäescher Unioun tätég sinn, e Comité d'entreprise européien aféieren, deen eng speziell Prozedur virgesäit, fir d'Salariéen am Fall vu Sozialkonflikter ze informéieren an ze beroden.

Éier ech op de Contenu vun dem virleiende Projet de loi aginn, wëll ech kuerz op d'Virge- schicht agoen. D'Direktiv 2009/38 ersetzt d'Di- rektiv 94/45, déi am Juni d'lescht Joer ausgelaf ass. D'Direktiv 94/45 gouf duerch d'Gesetz vum 28. Juli 2000 an nationaalt Recht ëmgese- at. Am Kader vum europäesche Bannemaart ass et mat der Zäit ëmmer méi einfach ginn, dass Be- triber sech zäitgläich a verschidde Memberstate vun der Europäescher Unioun etabléieren, wat awer och heescht, dass Décisiounen, déi am Land vun Haaptstëtz, dem sougenannte Mam- menhaus, geholl gi sinn, och an den Duechter- firmaen an deenen anere Länner hu missen ap- plizéiert ginn. D'Zil vun der Direktiv war et, fir e Comité d'entreprise européien anzeféieren, deen dann d'Décisiounen vum Mammenhaus diskutéiert a virun allem d'Salariéen an all deenen anere Länner informéiert.

Een Haaptpunkt vum Gesetz vum 2000 war d'Afféierung vun enger Informationspflicht an engem Informationsrecht fir d'Salariéen, dat heescht, dass d'Gewerkschaften an d'Personal mussen informéiert ginn, falls sech eppes un der Struktur vum Betrib ännert oder wa stra- tegesch wichteg Schrëtt vun der Firmendirek- tioun beschloss ginn. Dës kënne Ännerungen an der Produktioun, den Investitiounen, dem Aktionariat an esou weider sinn.

Här President, am Projet de loi vun haut bleiwen déi grouss Strukture vun der virleschter Direktiv bestoen. Et gi just e puer Ëmännerunge gemaach, fir de Sozialdialog an de Betriber wei- der ze verbesseren, dës duerch eng Verstär- kung vum Informationsrecht vun de Salariéen an duerch eng verbessert transnational Konsul- tatioun.

Konkret gesäit dat folgendermoossen aus: D'Zentraldirektioun vum Betrib ass responsa- bel, fir e Comité d'entreprise européien op d'Been ze stellen. Da gëtt e Groupe spécial de négociation vun Aarbechtervertreieder gewielt, an dës proportional zu der Unzuel vu Salariéen an alle viséierte Memberstaten. Dat heescht, all Memberstat huet ee Sëtz zegutt fir all Tranche vun Aarbechter, déi an deem Land schaffen, wann d'Zuel vun hinnen an alle Länner, wou dee Betrib tätég ass, 10% bedréit.

An deem Groupe spécial de négociation sinn awer op d'mannst dräi Membere vum Comité d'entreprise européien. Dese spezielle Grupp négociéiert dann en Accord mat der Zentraldi- rektioun, fir de Fonctionnement vum Comité d'entreprise européien festzeleeën. D'Haaptele- menter dovun sinn déi folgend: De Groupe spé- cial de négociation huet d'Méiglechkeet, sech virun an no all Sëtzung mat der Zentraldirek- tioun ze gesinn, an dës, ouni dass ee Member vun där selwer derbäi ass; de Groupe spécial de négociation kann d'Hëllef vun engem Expert ufroen, deen e sech selwer och erauswiele kann. Et ka sech dobäi ënner anerem och ëm e Gewerkschaftsvertreieder handeln, deen awer muss op communautairem Niveau aktiv sinn.

Fir eng besser a kohärent Koordinatioun vu sen- gen Aktivitéiten ze garantéieren, wiert de Co- mité d'entreprise européien e Comité restreint tëschent senger Memberen. Dee besteet aus maximal fënnf Leit a soll sech regelméisseg gesinn. D'Membere vum Groupe spécial de né- gociation a vum Comité d'entreprise européien kënne ënner verschidde Konditiounen Forma- tiounen kréien, an zwar ouni eppes an hirer Pai ze verléieren. Dës ass e ganz wichteg Punkt vum Gesetz vun haut.

Här President, déi ofgeschlosse Kollektivverträ- g iwwert d'Information an d'Consultation trans- frontalières, déi vum 6. Juni 2011 ofgeschloss goufen, bleiwen applicabel, wa se nach ëmmer natierlech de respektiven Haaptkonditiounen vum Code du Travail entsprechen. Déi Ac- corden, déi nom 6. Juni 2011 a virun der Mise en vigueur vum Gesetz vun haut ofgeschloss goufen, falen net d'office ënnert d'Bestëm- munge vun dësem Gesetz. Si kënne explizit verlängert gi bis zur initialer Lafdauer oder automatesch, also eng Reconduction tacite kréien. Déi Accorden, déi just fir eng Durée dé- terminée ofgeschloss goufen, lafen auto- matesch of mat der Mise en vigueur vum Ge- setz vun haut. Déi verschidde Partner kënne natierlech d'un commun accord decidéieren, de bestehende Kollektivvertrag ze verlängeren oder en enger Revisioun ze ënnerzéien.

Här President, de Projet de loi, dee mer haut hei ofstëmmen, gesäit also wesentlech nei Punkte vir, fir de Sozialdialog, d'Kommuni- katioun an esou d'Aarbechtsklima an transnatio- nale Betriber ze verstärken, wat mir als LSAP méi wéi begreissen an ënnerstëtzen.

An domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Negri. Als éischt Riednerin ass d'Madame Sylvie An- drich agedroen. Madame Andrich, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Al- leréisch erlaabt mer, dem Rapporteur, dem ho- norabele Roger Negri, e grouse Merci ze soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. Wéi mer elo just héieren hunn, ass de Gesetzesprojet 6373 op eng Direktiv 2009/38 vum 6. Mee 2009 zrëckzeféieren, déi eng Di- rektiv 94/45 vum 22. September 1994 ersetzt.

Sënn an Zweck vun där deemoleger Direktiv vun 1994 war et, den europäesche Betribrsrot an d'grenziwwerschreidend Informations- a Konsultatiounsprozedur an d'Législatiounen vun de Memberstaten anzeféieren. D'Direktiv vun 1994 ass haut an eisem Code du Travail zrëck- zefannen, méi genee an den Artikelen L.431-1 bis L.432-48. Dës Dispositiounen gesinn haapt-